Siggy vu Letzeburg

MISLERLIDD

Am Misler sengem Keller
Get muencheré berîcht.
De Misler ass a lo'sen,
Huet dax schon èng gestîcht.

Hie wêsz vill dausend Spichten,
Zâpt d'Fréd Iech an d'Gemitt;
All Fäβche schmâcht Iech bèsser,
Schnèll ass't em Iech geschitt.

Wat sturkt do aus der Deischtert,
Wat kluxt do fir èng Stömm?
Dir he'ert èppes rubblen,
Gi Gêschter nês rondem?

Ronn hölzen Ongeheier,
De' stirmen op Iech ân.
Aus hirem Bauch sprötzt Feier,
Et blötzt Iech vrun den Aan.

O Misler-, Mislergréchen,
Wie kann Dir widderston?
O Misler-, Mislermédchen,
Wat soll ê vun Dir sôn?

Vun Iech ass Rieds scho gângen
Am gro'ssen âle Ro'm.
Dir bleiwt op e'weg Zeiten
De Stolz vum Muselstro'm.